**Nationale Commemoratiounsdag**

**Proklamatioun vun der Regierung**

1944 hat de Krich d'Welt fest am Grëff.

Lëtzebuerg war zënter véier Joer vun den Nazien besat. Duerch d'Invasioun gouf d'Integritéit an d'Neutralitéit vun eisem Land mat Féiss getrëppelt an de Besatzer huet vun Ufank u probéiert, déi kleng Gemeinschaft an dat grousst Räich ze inkorporéieren – mat Hëllef vun äifrege Kollaborateuren. D'Judden am Land goufe gejot an deportéiert. Deenen, déi dem Regime net gepasst hunn, ergoung et ähnlech: si goufe verfollegt, ëmgesidelt, bestrooft a vill vun hinnen ëmbruecht.

Den 10. Oktober 1941 hunn d'Lëtzebuerger an der *Personenstandsaufnahme* hirem Wëllen Ausdrock ginn, onofhängeg ze sinn. Vun deem Ablack un huet d'Bevëlkerung Dag fir Dag den Naziterror ze spiere kritt, a senge schänterlechste Formen. Nom 30. August 1942 gouf d'Jugend vum Land an dem Feind seng Arméi agezunn. Et koum zum Opstand. D'Reaktioun huet net op sech waarde gelooss: Leit goufe verhaft, an d'KZer deportéiert, exekutéiert; d'Famille vu Refractairen an deene Jongen, déi aus der Wehrmacht desertéiert sinn, goufen zwangsëmgesidelt.

Ma 1944 koum och lues erëm Hoffnung op.

Mat der Landung vun den Alliéierten an der Normandie huet d'Befreiung vun Europa ugefaangen. Ma et war e laangen a beschwéierleche Wee. Couragéiert Lëtzebuerger hu sech hei am Land an der Resistenzbeweegung, am franséischen a belsche Maquis oder an den Arméie vun den Alliéierten engagéiert. Ongezielten Zivilisten hu gehollef, déi jonk Zwangsrekrutéiert ze verstoppen, hunn hinnen z'iesse bruecht oder hinne gehollef ze flüchten. Och déi groussherzoglech Famill huet d'lëtzebuergesch Bevëlkerung net am Stach gelooss: Vun England aus huet d'Groussherzogin Charlotte iwwer de Radiosender BBC den ënnerdréckte Lëtzebuerger Mutt gemaach, de Prënz Felix an den Ierfgroussherzog Jean hunn u militäreschen Asätz deelgeholl.

Wéi den 9. September d'amerikanesch Truppen no heftege Gefechter endlech zu Lëtzebuerg ukoumen, war de Krich nach laang net gewonnen. Et goufen zwar vill Uertschafte befreit, ma net all. Fir d'Awunner, hin- an hiergerappt tëscht Freed an Angscht, war et eng onsécher, geféierlech Zäit. Erëm Uerdnung hierzestelle war alles anescht wéi einfach. D'Grenzzonen zu Däitschland sinn deelweis zu engem *no man's land* ginn. Wie konnt, ass méi wäit an d'Land era geflücht.

Lëtzebuerger hunn an de Reie vun den Alliéierte fir d'Fräiheet gekämpft, eng Fräiheet, déi Dausende vun hire Compatrioten an de Prisongen, de Konzentratiounslageren, de Vernichtungslageren oder de Lagere fir politesch Deportéierter laang verwiert war. Dausende vun Zwangsrekrutéierten hunn an de Gefaangenelager oder un der Front en haart Schicksal mussen erdroen.

Enn 1944 koum et zur Ardennenoffensiv, bei där den Norde vum Land schwéier getraff gouf. Doudeger a Verletzter, Krichsverbriechen an Zerstéierungen hunn zum Alldag gehéiert. Mat den Tréinen huet sech och d'Hoffnung op en noe Fridden ëmmer méi verwëscht.

An dach, am Februar-Mäerz 1945 huet de Krich dat zerschanntent Land fir gutt verlooss.

D’Befreiung gouf nëmmen erméiglecht duerch eng exemplaresch Solidaritéit tëscht Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger. Si huet sech no an no entwéckelt an um Enn vill Mënscheliewe kascht. Ma jiddweree wousst, wou seng Plaz wier a wat um Spill stéing: d’Iwwerliewe vun der Natioun an d’Fräiheet vun der Bevëlkerung.

Elo, am Joer 2014, 70 Joer méi spéit, ass ëmmer nach Krich an der Welt.

En anere Krich, dee grad esou vill Solidaritéit a Courage fuerdert.

Zeie vun deemools verloossen eis. Ma si sinn net gaangen, ouni eis eppes ze hannerloossen: Hir Krichserliefnesser, déi net sollten an de Vergiess geroden! Loosst eis d’Affer an Éieren halen, andeems mer eis mat hirer Geschicht befaassen an d’Erënnerung u si um Liewen erhalen! Wat si op sech geholl hunn, huet eis erlaabt, de Krich zu engem Enn ze bréngen, erëm Fridden ze hunn an eng Gesellschaft opzebauen, déi op festen demokratesche Fundamenter steet. Loosst eis hire Message weiderginn!

Um nationale Gedenkdag ass et der Lëtzebuerger Regierung op en Neits en Uleies, Merci ze soen: de Befreier an de Compatrioten, vun deene jiddwereen op seng Aart a Weis dozou bäigedroen huet, datt Haass a Gewalt zerguttst verschwannen.

D’sozial Kohäsioun vun der multikultureller Gemeinschaft zu Lëtzebuerg ze garantéieren, läit der Regierung um Häerz. An engem Europa, dat no senger Identitéit sicht, ass et eis Flicht, derfir ze suergen, datt d’Geschicht net vergiess an och net ignoréiert gëtt, fir datt extremistesch an antisemitesch Gedanken do, wou zwee Weltkricher näischt wéi Leed an Zerstéierung mat sech bruecht hunn, ni méi kënne Fouss faassen.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2014

D’Membere vun der Regierung

Xavier BETTEL, Étienne SCHNEIDER, Jean ASSELBORN, Félix BRAZ, Nicolas SCHMIT,

Romain SCHNEIDER, François BAUSCH, Fernand ETGEN, Maggy NAGEL, Pierre GRAMEGNA,

Lydia MUTSCH, Dan KERSCH, Claude MEISCH, Corinne CAHEN, Carole DIESCHBOURG, Camille GIRA,

Francine CLOSENER, Marc HANSEN

**Journée de la Commémoration nationale**

**Proclamation du Gouvernement**

En 1944 le monde était en guerre.

Le Grand-Duché de Luxembourg subissait sa quatrième année d'occupation nazie. Dès les premiers jours de l'invasion violant son intégrité et sa neutralité, l'occupant tenta d'absorber la petite communauté, aidé par de zélés collaborateurs. Ses Juifs furent traqués et déportés. Ceux qui ne convenaient pas au régime furent poursuivis, écartés, punis et d'aucuns assassinés.

Depuis l'affirmation de sa volonté d'indépendance lors de la *Personenstandsaufnahme* du 10 octobre 1941, les Luxembourgeois faisaient chaque jour face à la terreur nazie sous ses formes les plus abjectes. Après le 30 août 1942, l'oppresseur enrôla de force la jeunesse du pays dans ses armées. Le pays se souleva. La réaction fut féroce : des exécutions et des incarcérations, des déportations dans les camps de concentration et des transplantations forcées de familles de réfractaires et d'évadés de la *Wehrmacht* dans le *Reich*.

Mais 1944 fut aussi une année d'espoir.

Le Jour J lança la libération de l'Europe. Or, elle s'avéra dure ! De courageux Luxembourgeois étaient engagés dans la Résistance dans leur patrie occupée, dans les maquis français et belges ou dans les armées alliées. D'innombrables civils aidèrent à cacher, à nourrir ou à faire fuir les jeunes conscrits forcés. La famille grand-ducale encourageait les opprimés par des messages sur la BBC de la Grande-Duchesse Charlotte, par la participation active du Prince Félix et de Grand-Duc héritier Jean aux opérations militaires.

Quand le 9 septembre, au bout d'âpres combats, les troupes américaines mirent enfin le pied sur le territoire luxembourgeois, la victoire était encore loin. Certes de nombreuses localités furent libérées, mais pas toutes ! Les populations tiraillées entre joie et peur vivaient dans l'insécurité. La vie était dangereuse. Le rétablissement de l'ordre s'avéra difficile. La zone frontalière avec l'Allemagne se transformait souvent en *no man's land*. Ses habitants se réfugièrent à l'intérieur du pays.

Hormis les Luxembourgeois qui se battaient dans les rangs alliés, des milliers de compatriotes restaient privés de leur liberté dans les prisons, les camps de concentration, les camps d'extermination, ou des camps de déportés politiques. Des milliers d'enrôlés de force souffraient dans les camps de prisonniers de guerre ou sur les fronts.

Vers la fin de 1944, la bataille des Ardennes ravagea le nord de notre pays. La mort, les crimes de guerre, les destructions étaient à l'ordre du jour. Les larmes semblaient éloigner l'espérance d'une paix proche.

Et pourtant, dès février-mars 1945 la guerre quitta le pays meurtri.

Cet effort de libération n'était possible que par une solidarité exemplaire entre Luxembourgeois et non-Luxembourgeois. Elle fut progressive et coûteuse en vies humaines. Chacun savait où était sa place et combien la survie de la nation et la sauvegarde de la Liberté étaient engagées.

En 2014, 70 ans plus tard, le monde est encore en guerre.

Une autre guerre qui demande autant de solidarité et de courage.

Or, les témoins de jadis nous quittent. Nombreux sont ceux qui nous ont légué leurs vécus de guerre. Écoutons-les ! Honorons les victimes, en étudiant leur histoire et en gardant leur mémoire vive ! Leurs sacrifices nous ont permis d'aller vers la fin du conflit, de rétablir la paix et de reconstruire une société cimentée par un esprit démocratique. Transmettons leur message !

A l'occasion de la Journée de la Commémoration nationale, le Gouvernement luxembourgeois entend réitérer sa gratitude envers les Libérateurs, sa gratitude envers les compatriotes, qui chacun à leur façon ont contribué à bannir la haine et les violences.

Il lui importe de garantir la cohésion sociale de la communauté multiculturelle luxembourgeoise, au sein d'une Europe qui se cherche, en s'engageant à respecter le devoir d'histoire contre toute forme d'oubli ou d'ignorance, pour que les pensées extrémistes, antisémites ne puissent plus prendre racines dans un sol jadis ravagé par deux guerres mondiales meurtrières.

Luxembourg, le 10 octobre 2014

Les membres du Gouvernement

Xavier BETTEL, Étienne SCHNEIDER, Jean ASSELBORN, Félix BRAZ, Nicolas SCHMIT,

Romain SCHNEIDER, François BAUSCH, Fernand ETGEN, Maggy NAGEL, Pierre GRAMEGNA,

Lydia MUTSCH, Dan KERSCH, Claude MEISCH, Corinne CAHEN, Carole DIESCHBOURG, Camille GIRA,

Francine CLOSENER, Marc HANSEN